ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fred Keup

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2021

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Präisser vum Mazout fir ze hëtzen a fir ze tanken säit dem 1. Januar 2020 staark geklomme sinn;
- d'Steiere bei dësem Präisustig eng wesentlech Roll spillen, besonnesch och déi op den 1. Januar 2020 agefouert Zäregassteier;
- des Steierbelaaschtung déi Leit mat engem klenge Revenu an déi Leit déi um Land wunnen iwwerproportional belaascht, esou wäit déi virgesinne steierlech Kompensatioun d'Méikäschten net kann opfänken;
- d'Zäregassteier och verschidden ekonomesch Aktivitéitsberäicher ganz staark trëfft, wéi z.B. d'Landwirtschaft, den Transport an d'Logistik wat d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie staark belaascht;

ass sech bewosst:

- datt dee wierklechen Impakt vun esou enger nationaler Zäregassteier op déi europäesch an weltwäit Zäregasemissiounen marginal ass, ënnert anerem well jo net manner getankt gëtt, mä just op enger anerer Plaz.

fuerdert d'Regierung op,

- d'Zäregassteier op Mazout fir ze hëtzen an op Brennstoffer fir Gefierer op den Datum vum 1. Januar 2022 ersatzlos auslafen ze loossen.

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742